



## **Weekend a Camp**

*Fir dësen Text méi lieserlech ze maachen, si bei all Begrëff, dee souwuel männlech wéi och weiblech ka sinn, all Kéier déi zwee Geschlechter gemengt, ausser et gëtt speziell präziséiert, z.B.: "Chef" = Chef oder Cheftaine.*

### 1. Allgemenges

Weekender a Campe sinn Aktivitéiten, déi a kenger Guiden- a Scoutsunitéit (Biber-Famill, Wëllefchers-Ruddel, AvEx-Trupp, CaraPio-Trupp, RaRo-Clan) feelen däerfen. Et ass virun allem bei dësen Aktivitéiten, wou d'Liewen an der Natur, e wichtege Aspekt vun der Guiden- a Scoutsmethod, voll zum Droe kënn.

Well d'Weekender a Campen iwwer den normale Kader vun den alldeeglechen Aktivitéite vun enger Unitéit erausginn, ënnerleie se bestëmmte Konditiounen an erfuerderen dofir och eng speziell Virbereedung a Reglementatioun.

### 2. Definitiounen

2.1. E "**Weekend**" ass eng Aktivitéit vun zwee oder 3 Deeg (1 oder 2 Nuechten).

2.2. E "**Camp**" ass eng Aktivitéit vu méi wéi 3 Deeg (méi wéi 2 Nuechten).  
Biber-Famille maachen e Camp vu maximal 4 Deeg (3 Nuechten).

2.3. Ënner "**Weekend oder Camp am Inland**" ass e Weekend oder Camp ze verstoen, deen zu Lëtzebuerg oder an engem vun de Nopeschlänner, manner wéi 50 km Loftlinn vun eise Grenzen ewech ofgehale gëtt.

2.4. E "**Gruppeweekend oder Gruppecamp**" ass e Weekend oder Camp, un deem all d'Branche vum Grupp mat Kanner a Chef deelhuele.

2.5. E "**Grupperoteweekend oder Grupperotscamp**" ass e Weekend oder Camp, un deem all d'Chef vum Grupp deelhuele kënnen.

### 3. Plaz

3.1. E Weekend oder Camp kann am Inland oder am Ausland ofgehale ginn.

Heibäi kommen nëmme Länner a Fro, déi zum Zäitpunkt vum Weekend oder Camp vum Ausseministère als „sécher“ ugesi ginn. Fir all Branche besti spezifesch Critèren, ënner wéi enge Konditiounen e Weekend oder Camp kann am Ausland ofgehale ginn:

3.1.1. Biber-Famille maachen hire Weekend oder Camp am Inland.

Am Fall vun engem Gruppeweekend oder Gruppecamp am Ausland kann de Biber-Commissaire, no Récksprooch mam Internationale Commissaire, der Biber-Famill aus dësem Grupp erlaben dorunner deelzehuele. An dësem Fall kann de Camp fir d'Biber maximal 6 Deeg (5 Nuechten) daueren. Heibäi komme folgend Länner a Fro: Belsch, Däitschland, Éisterräich, Frankräich, Holland, Lichtenstein a Schwäiz. Eng Biber-Famill ka maximal all 4 Joer un engem Gruppeweekend oder Gruppecamp am Ausland deelhuele.

3.1.2. Wëllefchers-Ruddele maachen hire Weekend oder Camp am Inland.

De Wëllefchers-Commissaire kann, no Récksprooch mam Internationale Commissaire, e Weekend oder Camp am Ausland a folgenden Ausnahmefäll erlaben:

- e Gruppeweekend oder Gruppecamp
- en Austausch mat engem Wëllefchers-Ruddel vun engem auslännesche Guiden- oder Scoutsverband
- e ronne Gebuertsdag vum Ruddel

Heibäi komme folgend Länner a Fro: Belsch, Däitschland, Éisterräich, Frankräich, Holland, Lichtenstein a Schwäiz. E Wëllefchers-Ruddel ka maximal all 4 Joer e Camp am Ausland maachen.

3.1.3. AvEx-Truppe maachen hire Weekend oder Camp am Inland oder am Ausland.

E Weekend oder Camp am Ausland gëtt an Europa ofgehale. Dëst soll an engem Land si wou eng Sprooch geschwat gëtt an där d'AvEx sech ausdrécke kënnen.



- 3.1.4. CaraPio-Truppe maachen hire Weekend oder Camp am Inland oder am Ausland.  
E Weekend oder Camp am Ausland gëtt an Europa ofgehalen. De CaraPio-Commissaire kann, no Récksprooch mam Internationale Commissaire, e Weekend oder Camp ausserhalb vun Europa erlaben.
- 3.1.5. RaRo-Clane maachen hire Weekend oder Camp am Inland oder am Ausland.
- 3.2. E Weeekend oder Camp kann, jee no Branche, an engem Gebai oder an Zelter ofgehal ginn:
- Biber-Familie maachen hire Weekend an hire Camp an engem Gebai.
  - Wëllefchers-Ruddele maachen hire Weekend an hire Camp an engem Gebai.  
Bei dësem Gebai kënnen se awer Zelter zur Verfügung hu fir dran ze schlofen, wann se d'Autorisatioun vum Wëllefchers-Commissaire hefir hunn.
  - AvEx- oder CaraPio-Truppen a RaRo-Clane maache normalerweis hire Weekend an engem Gebai an hire Camp am Zelt.

#### 4. Programm

De Programm vum Weekend oder Camp gëtt vun der Chefekipp, déi d'Aktivitéite leet, opgesat a schrëftlech festgehal. En entsprécht der Guiden- a Scoutsmethod an der pedagogescher Orientéierung vun der betraffener Branche.

#### 5. Leedung

- 5.1. E Weekend am Inland gëtt vun engem ernannte Chef (Assistent oder Branchechef) vun der betraffener Branche geleet. E Weekend am Ausland oder e Camp gëtt vun engem ernannte Branchechef vun der betraffener Branche geleet. E Camp ka vun engem ernannte Branchechef aus enger anerer Branche, oder engem ernannte Gruppchef (deen de Brevet "Animateur C" huet), geleet ginn, ënnert der Konditioun dass an der Chefekipp ausserdeem op d'mannst 1 ernannten Assistent aus der betraffener Branche ass.  
De responsabele Chef vum Weekend oder Camp muss vum Ufank bis un d'Enn vum Weekend oder Camp präsent sinn.
- 5.2. An der Chefekipp vum Weekend oder Camp ass ausserdeem nach op d'mannst 1 Chef (ernannt oder Stagiär) oder Mataarbechter pro :
- 6 Biber
  - 8 Wëllefcher
  - 12 AvEx
  - 15 CaraPio oder RaRo
- An der Chefekipp vum Weekend oder Camp mussen op d'mannst 2 Erwuessener sinn.
- 5.3. D'Chefekipp vun engem Weekend oder Camp mat Jongen a Meedercher ass prinzipiell gemëscht.
- 5.4. Branchenunitéiten, déi d'Konditiounen vun den Art. 5.1. oder 5.2. net erfëllen, kënnen nëmmen de Weekend oder Camp zesumme mat enger anerer Unitéit, déi d'Konditiounen erfëllt, gemeinsam virbereeden an ofhalen.
- 5.5. E Gruppweekend oder Gruppencamp gëtt vun engem ernannte Branchechef, oder engem ernannte Gruppchef (deen de Brevet "Animateur C" huet), geleet. Heibäi gëllen d'Konditiounen vum Art. 5.2. a 5.3. Fir all Branche, déi matgeet, ass op d'mannst 1 ernannte Chef (Assistent oder Branchechef) aus der betraffener Branche an der Chefekipp. Fir all Branchenunitéit, déi während dem Gruppencamp eegen Aktivitéiten organiséiert, muss en ernannte Branchechef aus der betraffener Branche responsabel sinn, heibäi gëllen d'Konditiounen vum Art. 5.1.

#### 6. Participanten

- 6.1. All Participanten vun engem Weekend oder Camp sinn als Member vum Verband ugemellt.  
Netmemberen, déi un engem Weekend oder Camp deelhuefen, gi fir d'Dauer vum Weekend oder Camp beim Verbandssekretariat ugemellt.
- 6.2. De responsabele Chef vum Weekend oder Camp huet vun all mannerjäregem Participant eng schrëftlech Erlaabnes vun engem Erzéungsberechtigten fir um Weekend oder Camp deelzehuelen.
- 6.3. Bei engem Camp huet de responsabele Chef vun all Participant eng "Fiche Médicale" (Formulaire Modell LGS). Dës Fiche Médicale gëtt vertraulich behandelt an nom Camp zerstiéiert oder zréckginn.



## 7. Administratives

- 7.1. E Weekend gëtt vum responsabele Chef an dem betraffene Gruppchef op d'mannst 1 Woch virum Ufank vum Weekend mam Formulaire "Umeldung vun engem Weekend" am Verbandssekretariat ugemellt. Si leeën de Programm bäi.  
De betraffene Branchecommissaire gëtt en Avis zum Weekend of. Bei engem Weekend ausserhalb vu Lëtzebuerg hält hien dofir Récksprooch mam Internationale Commissaire. Fällt dësen Avis positiv aus, ass de Weekend autoriséiert, de responsabele Chef kritt keng Confirmatioun geschéckt. Wann den Avis negativ ausfällt, ass de Weekend refuséiert, an dësem Fall gëtt de responsabele Chef vum Branchecommissaire direkt schrëftlech iwwer dës Decisioun informéiert. Och de betraffene Gruppchef gëtt iwwer e Refus informéiert.
- 7.2. E Camp gëtt vum responsabele Chef an dem betraffene Gruppchef op d'mannst 6 Woche virum Ufank vum Camp (fir e Camp während der Sommervakanz virum 1. Juni) mam Formulaire "Umeldung vun engem Camp" am Verbandssekretariat ugemellt. Si leeën de Programm bäi.  
De betraffene Branchecommissaire gëtt en Avis zum Camp of. Bei engem Camp ausserhalb vu Lëtzebuerg hält hien dofir Récksprooch mam Internationale Commissaire. Fällt dësen Avis positiv aus, ass de Camp autoriséiert, de responsabele Chef kritt eng Confirmatioun geschéckt. Bei engem Camp ausserhalb vu Lëtzebuerg kritt de responsabele Chef ausserdeem eng "Lettre de recommandation" (Modell WOSM). Wann den Avis negativ ausfällt, ass de Camp refuséiert, an dësem Fall gëtt de responsabele Chef vum Branchecommissaire direkt schrëftlech iwwer dës Decisioun informéiert. Och de betraffene Gruppchef gëtt iwwer e Refus informéiert.
- 7.3. Wa verschidden oder all d'Unitéite vun engem Grupp e gemeinsame Weekend oder Camp plangen, gëtt mam Formulaire "Umeldung vun engem Weekend oder Camp" de Programm vun all Branche un d'Verbandssekretariat geschéckt. All betraffene Branchecommissaire gëtt en Avis of. Am Fall vun engem Gruppweekend oder Gruppencamp gëtt och de Commissaire fir Gruppen en Avis of.
- 7.4. E Grupperotsweekend oder Grupperotscamp gëtt iwwer d'Verbandssekretariat beim Commissaire fir Gruppen ugemellt.
- 7.5. Wann eng Albatrossen-Unitéit fir sech e Weekend oder Camp organiséiert, gëtt dësen iwwer d'Verbandssekretariat beim nationalen Usprichpartner fir d'Albatrossen ugemellt.
- 7.6. Wann am leschten Ament e geplangte Weekend oder Camp op eng aner Plaz oder op en aneren Datum verluegt gëtt, wa wichteg Ännerungen an der Zesummesetzung vun der Chefekipp a vun de Participanten oder am Programm entstinn, oder wann e Weekend oder Camp ganz ausfällt, gëtt d'Verbandssekretariat direkt heivunner informéiert. D'Sekretariat informéiert de betraffene Branchecommissaire.
- 7.7. Wa Chef Congé-jeunesse fir de Camp ugefrot haten, kann de Certificat de participation vum Verbandssekretariat réischt ausgestallt gi wann de Formulaire "Rapport iwwer e Camp" dobannen ass.

## 8. Verschidde Bestëmmungen

- 8.1. En nationale Weekend oder Camp, dee vun enger Branchenekipp oder vum ganze Verband organiséiert gëtt, ënnerläit de Bestëmmunge vum Reglement Nr 17 an de Konditiounen déi vum Verbandscomité speziell heifir festgesat ginn.
- 8.2. E gemeinsame Weekend oder Camp vun Unitéiten aus verschidde Verbänn (internationale Camp z.B.) ënnerläit de Bestëmmunge vum dësem Reglement an zugläich och de Bestëmmunge vun deenen eenzelne Verbänn.
- 8.3. An alle Fäll, déi an dëse Bestëmmungen net virgesi sinn, a bei besonnesche Schwierigkeete kann de betraffene Commissaire aner Konditioune festleeën. Hien informéiert de Verbandscomité iwwer seng Decisioun.
- 8.4. Dëst Reglement ersetzt d'Bestëmmunge vum Reglement Nr 13 vum 28.03.2012, dat heiduerch opgehuewen ass.